



Info-Handicap
Conseil National des Personnes Handicapées
asbl

☎ +352 366 466-1

☎ +352 360 885

65, Avenue de la Gare

L-1611 Luxembourg

Monsieur Xavier Bettel

Formateur

4, rue de la Congrégation

L-1352 Luxembourg



Lëtzebuerg, 30. Oktober 2018

Betreff:

Wësch un de Formateur an déi nächst Regierung

Här Bettel,

Mir haten an deenen vergaangene Méint Gespréicher mat de politeschen Parteien fir si fir d'Thematik vum Handicap ze sensibiliséieren a mir wollten Iech eis Doleancen nach eng Kéier presentéieren:

Bildung

Mir géifen eis eng wierklech Inklusiv Approche am Educatiounssystem wënschen, déi et de Kanner a Jonken mat Behënnerung erlaabt ee richtegen Ofschloss ze kréien.

Transport

Verbesserung vun de Konditiounen beim Adapto an am Öffentlechen Transport, souwéi d'Adaptatioun vun de Garen a Busarrêten.

Aarbecht

Mir géifen eis wënschen, datt d'Quoten déi am Gesetz verankert sinn agehalen ginn sou datt Mënschen mat enger Behënnerung d'Chance kréien sech um éischten Aarbechtsmarché ze integréieren.

Doniewent sollten d'Aarbechtzäiten fir Leit mat Handicap méi flexibel ginn.

Pensiounsrechter

D'Pensiounsrechter vu Leit mam „statut de travailleur handicapé“ an d'Konditiounen vum RPGH (Revenu pour personnes gravement handicapées) sollten iwwerschafft ginn.

Tutelle an Curatelle

D'Gesetz vun 1982 muss dringend an am Dialog mat de Betreffenen an hire Vertrieeder reforméiert ginn.

Accessibilitéit

Dat neit Accessibilitéitsgesetz soll ëmgesat ginn. „Design for All“ ass hei Stéchwuert.

Ausserdeem sollt d'Accessibilitéit vun Dokumenter an Internetsitten verbessert ginn.

Mir wënschen eis datt eng generell Approche vun Accessibilitéit op allen Niveauen implementéiert gëtt fir datt all Bierger Deel vun der Gesellschaft kann sinn.

Kommunikatioun

Mir wënschen eis datt dei Europäesch Direktive 2007/65/CE zu Lëtzebuerg ëmgesat gëtt, fir de Bedürfnisser an der Kommunikatioun vun Leit mat engem Handicap gerecht ze ginn.

Assistant personnel a Budget personnel

Mir wënschen eis datt d'Mënschen mat engem Handicap endlech eng finanziell Ënnerstëtzung kréien fir een perséinlechen Assistent ze engagéieren den si an hirem Alldag ënnerstëtzen kann, sou datt si gläichberechtegt un eiser Gesellschaft deelhuefen kennen.

Koordinatioun op nationalem Niveau

Mir sinn der Meenung et sollt een Responsabelen an all Ministère ginn, den d'Konformitéit vun den Dossieren zur UNBRK iwwerwaacht.

Doniewent sollt et een onofhängegen Behënnertenbeoptraagten ginn, deen dës Aarbechten koordinéiert an superviséiert.

Och déi eenzel Parteien sollten ee Koordinateur hunn fir d'Inclusioun vun Mënschen mat enger Behënnerung ze assuréieren.

Ënnerstëtzung vun Benevollen an Familjen

D'Elteren vun engem behënnerte Kand sollten d'Méiglechkeet vun engem „congé pour raison familiales“ fir e Kand iwwer 14 Joer kréien.

Doniewent sollt et ee „congé associatif“ fir Benevoller ginn.

Ausserdeem sollt ee „congé spécial“ fir „aidants informels“ agefouert ginn.

Mir hoffen datt all dës Sujeten bei de Koalitiounsgesprécher berücksichtegt ginn, a mir sinn bereet fir an den ugekënnegten Dialogen vun Sozial- an Koalitiounspartner mat konstruktiven Proposen mat ze hëllefen.



Patrick de Rond
President

Kopie un d'politesch Parteien